**FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DES PÊCHEURS SPORTIFS**

**SECTION: < PÊCHE EN MER >**

Luxembourg, le 9 janvier 2017

# Rapport vun der 38. Generalversammlung (2017)

8. Januar 2017




**<u>Usprooch vum Präsident</u>**

De Präsident André Biver begréisst ganz häerzlech d'Memberen an d'Sympathisanten vun der Sektion Pêche en Mer. Hien entschellegt den FLPS President Jos Scheuer, de Verband Vize-Präsident Pierrot Merten an den FLPS Vertrieder am Comité vun der Sektioun Nico Hottua.

No enger Gedenkminutt un déi verstuerwe Kollegen vun der Sektioun mecht hien déi 38. Generalversammlung op.

Hien erkläert kuerz d'Problemer mat deenen d'Sektioun konfrontéiert ass, mais weist awer och gläichzäiteg Zukunftsvisiounen op, wéi d'Sektioun an de nächste Joren méi attraktiv ka gemat gin. Hie riicht och en Opruff un all d'Memberen aktiv matzeschaffen, esouwuel positiv an konstruktiv Bäitreeg ze gin, wéi och, wann eppes net esou klappt wéi et soll sin, sech direkt un de Comité ze wenden.

Hie seet dem Comité an all de Sponsoren e spezielle Merci fir hier Ennerstetzung iwwer dat ganzt Joër.

**Rapport vum Sekretär**

De Sekretär Gilbert Zangerlé geet kuerz op de schrëftleche Rapport vun 2016 an, deen d'Versammlung ausgedeelt krut. Hie bedauert, dass eis Memberzuel net méi esou héich ass. De Moment hu mir nach 54 aktiv Memberen (d'selwecht wéi 2015). Dëse generelle Phenomen ass awer net nëmmen bei de Fescher ze vermierken, mais et ass e Gesellschaftsproblem. Wéineg Leit wellen sech nach fest a Veräner engagéieren oder benevol matschaffen. Hie mecht nach e beschen e Réckbléck op d'Organisatioun vun der Coupe des Nations, wat e groussen Erfolleg wor.
De Rapport 2016 gouf vun der Versammlung ugeholl.

**Rapport vun dem Keessier**

De Keessier Claude Resch huet der Versammlung am Detail d'Compten vun der Sektioun virgeluegt an déi verschidde Mouvementer erkläert. Fir den Exercice 2016 mecht d'Sektioun e Boni vun 1518,21 €.

**Keeserevisoren**

D'Keesserevisoren fir 2016, Norbert Steyer a Fernand Gira, haten de 7. Januar d'Kees kontrolléiert an hun der Versammlung bestätegt, dass d'Kees ganz korrekt a minutiéis geféiert gin ass. Sie bieden d'Versammlung dem Kessier d'Décharge fir 2016 ze gin.
Dat gouf per Acclamatioun acceptéiert.

**Cotisatioun 2017**

Et get eestëmmeg beschloss d'Cotisatioun fir 2017 op 25 € ze loossen.

**Erneierung vum Comité**

Déi austriedend an erëmwielbar Memberen goufen erem an de Comité zereckgewielt. Dat sin: Biver André, Maraschin Ralph, Resch Claude an Zangerlé Gilbert.
De Marcel Grassini an de Gil Kartheiser hun sech nei an de Comité gemellt, sou dass deen sech zesummesetzt aus: Biver André; Palgen John; Micucci Giovanni; Resch Claude; Scheifer John; Royer René; Grassini Marcel; Hansen Jean-Pierre; Kartheiser Gil; Maraschin Ralph a Zangerlé Gilbert.
D'Chargeverdeelung gët laut Statuten an der 1. Comitéssëtzung (19.1.2017) festgeluegt.

**Neiwiel vun de Keesserevisoren**

Déi 3 Keesserevisoren, Steyer Norbert, Jean-Jacques Baustert a Fernand Gira haten hier Kandidatur erem gestallt a goufen eestëmmeg zereckgewieltl.

**Eierung vun de Beschtklasséierten 2016**

No der Eierung vun de Beschtklasséierten vun den 2 Landesmeeschterschaften a vun der Coupe Will Helbach hu mir mat enger Foto fir an d'Zeitung an op eis Internetsäit dëss kleng Cérémonie ofgeschloss.

**Berichter vun dem Trainer a Kapitäne vun de verschiddene Nationalequippen**

- De Jean-Pierre Hansen, Kapitän vun der Equipe déi op d'Weltmeescheterschaft an de Montenegro gaang ass, erklärt de Verlaf vun der Meeschterschaft a kommentéiert d'Resultater déi eis Mannschaft erreecht huet.
- De Royer René, Kapitän vun der Equipe a Polen, mecht e klenge Rapport iwwer dëst Fëschen.
- De Micucci Giovanni, Kapitän vun der Equipe vun der Coupe des Nations 2016, geet och op d'Organisatioun vun dësem Concours an an erkläert dat gutt Resultat, dat eis Mannschaft erreecht huet.

**Programm 2017**
De Sekretär stellt de Programm 2017 vir.
Op d'Visma 2017 gi mir nëmmen wa mir 30 Leit hun.
D'Landesmeeschterschaft 2017 am Bootsfëschen get erem a 6 Manchen op 3 Weekender um Neeltje Jans gefëscht. Déi polnesch Meeschterschaft am Kunstköderfëschen zielt gläichzäiteg fir eis Landesmeeschterschaft. ET soll 2018 eng Europameeschterschaft am Kunstköderfëschen organiséiert gin. Als Neierung an Highlight plangt d'Sektioun eng Fescherrees op Weymouth (England). Dëss Sortie ass awer op 10 Mêmbere beschränkt. De geneën Datum an de Präis kritt all Mêmber gescheckt.

## Section "Pêche en Mer"

http://mer.flps.lu
Email: mer@flps.lu
Tél.: 49 67 40 Fax: 26 29 69 21

### PROGRAMME 2017

| | | |
|---|---|---|
| 8 | janv. | Assemblée Générale (Mersch) |
| 4 | mars | Visite Expo VISMA (Rotterdam) |
| 11 | mars | Coupe RS Fishing (Neeltje Jans) |
| 8-9 | avril | LM1 + LM2 |
| 6-13 | mai | WM Sali - Dugi Otok (Croatie) |
| 18-21 | mai | Champ. de Pologne (Leba)<br>LM Leurres artificiels |
| 25-28 | mai | Coupe des Nations (Org. Belg.) |
| 10 | juin | Coupe Will Helbach (Neeltje J.) |
| 22 | juillet | Pêche aux maquereaux (N.J.) |
| 16 | sept. | Jachts Blankenberge (B) |
| 23-24 | sept. | LM3 + LM4 |
| — | oct. | Weymouth (Angleterre) |
| 21-22 | oct. | LM5 + LM6 |
| 11 | nov. | Coupe AquaZooPêche (N.J.) |

Participation aux expositions de:
Diekirch et Steinsel

**Diskussioun**
De Sekretär stellt déi 2 nei FIPS-M Surf-Casting Disciplinen vir. Veteranen (+55) an Duo-Fëschen ab 2018. Op déi lescht, méi technesch Competitioun kennen och individuell Pueren sech aschreiwen. Do ass et interessant elo schon ufänken ze spueren fir 2019 a Süd-Africa op d'"World-Games" ze fueren.

**Schlusswuert**
Zum Schluss weist de Präsident André Biver sech ganz erfreet iwwer d'Generalversammlung 2017 a seet all de Leit e grousse Merci a wënscht hinnen fir d'Saison 2017 vill Erfolleg.

de Sekretär
Gilbert Zangerlé